N°175
Entrée le 15.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.01.2024
Chambre des Députés

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden:

*„Wärend de kommende Jore wäert d'Generatioun vun de « Babyboomer » lues a lues an d'Pensioun goen. Dës Entwécklung wäert een Impakt op de Rekrutement vu Personal beim Staat hunn, well et heescht jo gebuertestaark Joergäng z'ersetzen.*

*Aus deem Grond wollt ech* dem Här Minister fir den Ëffentlechen Déngscht *follgend Froe stellen:*

*1. Wéi vill Staatsbeamten an -employée sinn an de leschten dräi Joren an d'Pensioun gaangen a wéi vill wäerten der nach bis 2030 an d'Pensioun goen?*

*2. Wéi héich ass den Duerchschnëttsalter vun dëse Beamte beim Antrieden an d'Pensioun?*

*3. Wat fir Carrièren si besonnesch betraff ?*

*4. A wat fir engem Mooss konnten dës Beamten ersat ginn?*

*5. Wéi gesäit de Moment de Personalbedarf beim Lëtzebuerger Staat aus? A wat fir enge Beräicher ginn am meeschte Leit gesicht? Wat fir Carrièren si spezifesch betraff?*

*6. Wat fir Ministèrë sichen déi meeschte Leit?*

*7. Wat fir Beruffsprofiller gi besonnesch an der klassescher Staatsverwaltung gesicht?*

*8. Wéi huet sech d'Zuel vun den Handwierker, déi am Staatsapparat agestallt ginn, entwéckelt?."*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER

N°175
Entrée le 19.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°175 vum 15. Januar 2024 vum honorabelen Deputéierten André Bauler iwwert d'Entwécklung vum Rekrutement an der Fonction publique**

An de leschten dräi Joer sinn an der Moyenne 657 Persounen an d'Pensioun gaangen (674 am Joer 2021, 599 Persounen am Joer 2022 a 699 am Joer 2023). Op den 31. Dezember 2023 waren am Ganzen 3.118 Beamten am Staatsdéngscht méi al wéi 56 Joer, 514 dovunner méi wéi 60 Joer. Dës Zuele ginn e gutt Bild wéi vill Beamten an deenen nächste Joer wäerten an d'Pensioun goen.

Vun deenen 3.118 Persounen si ronn 1.000 Beamten aus dem Gehältergrupp A1, ronn 600 aus dem Gehältergrupp A2, a ronn 650 aus dem Gehältergrupp B1. Ronn d'Hallschent vun dëser Populatioun schafft am Domaine vun der Educatioun.

Den Duerchschnëttsalter vun dëse Beamten ass ronn 59 Joer an 8 Méint. Dozou muss ee soen, datt dorënner och Beamte sinn, déi eng Invaliderent zougestan kruten, an déi Beamte vun der Police an Arméi, déi – am transitoresche Pensiounsregimm – 5 Joer éischter Urecht op eng Pensioun hunn.

An de leschte Joer konnten dës Beamten am Prinzip ersat ginn, well d'Personal beim Staat generell vill gewuess ass, mat enger Augmentatioun vum Personal vu méi wéi 1.500 Persoune pro Joer. An deem Sënn goufen déi Beamten net nëmmen ersat, mee et gouf och eng signifikant Verstäerkung u Personal.

Generell gëtt et e grousse Personalbedarf beim Staat. An deem Kader kann een un éischter Stell den Domaine vun der Educatioun nennen, deen notamment duerch d'Wuesse vun der Populatioun e grousse Bedarf huet.

D'Police huet an deene leschte Joer hire Personalbestand weesentlech eropgesat a wäert och nach weider musse rekrutéieren. Aner Domainer wou vill Leit gesicht ginn, sinn z.B. d'Informatik an d'Finanzen.

D'Zuel vun den Handwierker, déi am Staatsapparat an dëser Funktioun schaffen, ass an deene leschte Joer stabel bliwwen.

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2024

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes

10, avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu